



Groupe parlementaire

N° 6827
Entrée le 12.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 12.09.2022

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister an un den Här Kooperatiounsminister weiderzeleeden.

An enger Matdeelung zum Här Kooperatiounsminister senger Rees an déi besate palästinensesche Gebitter, déi de 6. September um Zitt vu sengem Ministère publizéiert gouf, heescht et, datt den Här Minister ënner anerem Entrevuë mat dësen Offiziellen hätt: "*Mohammad Shtayyeh, Premier ministre de l'État de Palestine, Riad Malki, ministre des Affaires étrangères de l'État de Palestine, et Shoukry Bishara, ministre des Finances de l'État de Palestine*".

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

- 1) Kann d'Regierung elaboréieren, wéi déi Decisioun motivéiert war an dësem Zesummenhang vun engem palästinensesche "Staat" ze schwätzen, deen net vu Lëtzebuerg unerkannt ass, a wéi eng Auswierkungen esou eng Terminologie op déi Lëtzebuerger Noost-Politik huet?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Direction de la coopération
au développement et
de l'action humanitaire

Äntwert vum Här Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten op d'parlamentaresch Fro N° 6827 vum 12. September 2022 vum Här Deputéierten Fernand Karheiser

Kann d'Regierung elaboréieren, wéi déi Decisioun motivéiert war an dësem Zesammenhang vun engem palästinensesche "Staat" ze schwätzen, deen net vu Lëtzebuerg unerkannt ass, a wéi eng Auswierkungen esou eng Terminologie op déi Lëtzebuerger Noost-Politik huet?

De Communiqué d'annonce vun der Aarbechtsvisitt op deen den Här Deputéierten sech beriff, huet d'Titelen erwäant déi d'Persounen, mat deene Reuniounen geplangt waren, bei hiren Entrevuen benotzen, ouni dass dëst eng Ausso iwwert d'Lëtzebuerger Noost-Politik ass, déi wuelbekannt ass.

Dëst geet doriwwer eraus och aus dem Communiqué ervir, deen de Bilan vun der Aarbechtsvisitt mécht an an deem steet dass: „ Franz Fayot a eu une entrevue avec M. Mohammad Shtayyeh, Premier ministre palestinien, durant laquelle la situation dans les TPO et le rôle de la coopération pour améliorer la résilience des Palestiniens ont été abordés. Des rencontres ont par ailleurs eu lieu avec M. Riad Al-Maliki, Ministre des Affaires étrangères, et M. Shoukry Bishara, Ministre des Finances et de la planification

Luxembourg, le 15 septembre 2022

Le Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire

(s.) Franz Fayot